# „Do e Mask un Joe, a maach mat…“

## *Autopsie,* vum Nico Helminger

„Ech wëll hei eraus, denken ech. Ech wëll hei eraus...“ (S. 248), dës lescht Sätz aus dem Nico Helminger sengem neie Wierk *Autopsie* spigelen d'Grondstëmmung vum Buch treffend erëm. Obwuel een um Ëmschlag vun der politescher Lag vu Lëtzebuerg liest a vun der vill beschwatener Affär Bommeleeër, handelt et sech bei dësem Roman vill méi eng ganz perséinlech an akribesch psychologesch Analyse. *Autopsie* ass souzesoen eng regelrecht literaresch Autopsie vum Joe Schreiber senger Psyche. En Jong, deen an den 80er Joeren zu Lëtzebuerg an engem Heem opwiisst, well säi Papp mat der Verantwortung iwwerfuerdert ass nodeems d'Mamm d'Famill verléisst.

Et handelt sech heibäi awer net em eng linear Erzielung vum Joe Schreiber senger Jugend, mee dem Nico Helminger geléngt et, dem Lieser dem Joe seng Gefiller, säin ënnerlechen Duercherneen an seng verzweiwelt Sich no engem Auswee ganz direkt ze vermëttelen. Esou handelt et sech ëm eng impressionistesch Zesummesetzung aus dem Protagonist senge Gedankespréng, Erzielungen an Erënnerungen, déi en Abléck an seng onstabel Gefillslag an dat munchmol depressiivt Banneliewe ginn.

Nico Helminger, *Autopsie.* ultimomondo, 2014.

*Autopsie* ass d'Sich no engem Auswee – engem Auswee aus dem Gefill, net gewollt ze sinn an néierens dozouzegehéieren, engem Auswee aus dem onperséinlechen a pessimisteschen Ëmfeld vum Heem, wou de Stäerksten d'Soen huet a Gewalt un der Dagesuerdnung steet, an aus der Schoul, wou den Joe net eescht geholl a kleng gehale gëtt:

„An en Heem. Fir Gestéierter.
Nee, net Awar. Näischt rëmgesinn
Opraumen. Näischt do lossen.
Fort. D'Heem ofbrenne loossen. Fort.“ (S. 139)

Et ass awer och eng Sich no sech selwer a senger Platz am Liewen, eng Sich no Äntwerten ewéi awer och eng Sich no Léift an Gebuergenheet. Äntwerten kritt den Joe allerdéngs wéineg an vill méi geréit de Protagonist ëmmer méi an en Däiwelskrees vun Alkohol, Party, Drogen, Gewalt a Selbstzerstéierung aus deem et keen Eraus gëtt an d'Schlëng zitt sech ëmmer wieder zou:

„Keng Lucht méi.
Mamm Kapp duerch d'Mauer, sot mäi Papp.
Ass dëst d'Häll?, denken ech.
Oder d'Heem?
Ech wëll hei eraus, denken ech.
Ech wëll hei eraus...“ (S. 248)

De Roman hannerléisst heibäi en batteren Nogeschmaach a verleet zum Nodenken. Wéi wier dem Joe Schreiber säi Liewe verlaf, wann een hien ënnerstëtzt an em nogelauschtert hätt, sief et an der Famill, an der Schoul oder am Heem? Wéi vill Afloss huet eist Ëmfeld op eist Liewen a wéi vill kann dëst sech veränneren, wann och nëmmen eng Persoun un eis gleeft? Aus dëser Perspektiv hëlleft den Roman eis, dat eegent Liewen an eis Astellung zu aneren ze iwwerdenken, zu enger Autopsie also, vun eiser perséinlecher Bannewelt...

Den Roman ass awer och eng Autopsie vun der Lëtzebuerger Gesellschaft, déi den Nico Helminger ëmmer erëm a Fro stellt. Esou thematiséiert den Roman

---

D'Charlotte Wirth huet Geschicht studéiert an fänkt am September säin Master an Cultural Identity Studies op der University of St Andrews un. Hat huet eng Passioun fir Literatur an huet zulescht en Stage bei Editions Guy Binsfeld am Lektorat gemaach – en Baräich, op deen hat sech spéider wëll spezialiséieren.

wuel d'Evenementer vun den 80er Joeren, déi onstabel politesch Situatioun, d'Bommeleeër-Attentater, de Besuch vum Poopst oder och d'Massakere vu Waldbëlleg an d'Tschernobyl-Katastrophe, dëst awer op eng ganz authentesch Aart a Weis. Andeems de Roman sech aus den Erënnerungsfatzen an Gedanke vum Joe Schreiber zesummesetzt, léiere mir, wéi sech déi Evenementer tatsächlech op d'Bevëlkerung oder besser gesot eng ganz bestëmmte Bevëlkerungsgrupp ausgewierkt hunn, nämlech op d'Lëtzebuerger Jugend. Esou sinn dëst Evenementer zwar tatsächlech en Thema gewiescht, dach hunn se de Joe a seng Frënn nëmmen um Rand concernéiert:

„An engem Zëmmer leeft d'Televisioun, e Réckbléck op d'Attentater vum Joer. Gehéiert wuel zum gudden Toun, schéint [sic] awer keen z'intresséieren." (S. 117)

Anescht eréi villäicht a Geschichtsbicher gezeechent, waren dës Evenementer also guer net de Mëttelpunkt vum gesellschaftleche Liewen an haten fir eng Eenzelpersoun och vill manner Gewiicht wéi ee villäicht unhëlt. Vill méi waren de Joe an seng Clique op hier eege Situatioun, hier widderspréchlech Gefiller mëtten an der Pubertéit an am Kader vum Heem beduecht.

„Do e Mask un Joe, an maach mat.." (S. 130), seet de Protagonist sech op enger Party a probéiert sech amëtten der Lëtzebuerger Gesellschaft op der Feier z'ameséieren. En Mask dréit awer net nëmmen de Joe, mee och d'Lëtzebuerger déi hien doruechter begéint. Sief et säi Papp, deen op der Spuerkeess fonctionnéiert eréi eng Maschinn, awer onzefridden ass mat sech a sengem Liewen ass, säi Jong net wëll bei sech hunn a Medikamenter brauch, fir duerch den Dag ze kommen. Oder awer den Direkter vum Internat, deen seng Frustratiounen un de Schüler ausléist an deem seng eenzeg Bezuchspersoun en Hond ass. Datt Wuert Fassade kënnt dem Lieser ëmmer erëm an de Sënn, wann déi Lëtzebuerger Gesellschaft beschriwwe gëtt. Dës gëtt op ganz akribesch an pertinent Aart an Weis ausernee geholl, sou datt hier Mask fällt an sou déi gespillte „topeg Glécksélegkeet" vun enger Gesellschaft, déi sech selwer feiert, no an no entbléisst gëtt. Esou gëtt zum Beispill eng Party an der ‚High Society' als eng „Zort Tupperware-Party fir gehuewe Kreesser mat der néideger Mënz [...] eng Zort Sperma-Owend" (S. 174) beschriwwe, wou d'Suen vun de Léit, deenen hiert Gléck an Freed eng opgesate Mask ass, a Wierklechkeet aus dubiéise Praktiken stamen:

„Däin neie Wues, däi Pool, däi Barbecue, deng glécklech Fra, dat richt alles no Korruptioun! Déi wonnerbar lëtzebuerger Bléi blitt aus engem Mëchtekoup vu krétineise Finanzgeschäfter eraus!" (S. 174)

Liewen eréi den Gott a Frankräich kann een trotzdem nëmmen zu Lëtzebuerg an zwar op eng iwwerflächlech a protzeg Aart a Weis, an engem „fonkelneie Bungalow" mat enger „fonkelneier Fra" an engem fonkelneie Kingsizebett, wou een sech fillt eréi en Gott wann een als Staatsbeamte bei der Post schafft[1], a Wierklechkeet awer jorelaang un der Krawatt hänkt wéi anerer un der Nol. (S. 234)

Net zulescht ass et awer den experimentellen an impressionistesche Stil, deen dësen Roman auszeechent. Och wann dësen am Ufank eng gewëssen Ausdauer vum Lieser fuerdert – esou verstoppt sech dohannert och en Hommage un d'Literatur an hirer Diversitéit. Mol lyresch, mol impressionistesch a scho bal surrealistesch, entdeckt de Lieser op muncher Säit praktesch eegestänneg Gedichter während aner Passagen méi un dem Alfred Döblin säin *Berlin Alexanderplatz* erënneren.

De Protagonist selwer huet en Talent fir Literatur a Schreiwen an hätt sech villäicht esouguer zum Schrëftsteller entwéckele kënnen, wann d'Liewen him der manner gespillt hätt, gläichzäiteg ass geschriwwe Wuert fir de Joe Schreiwer awer och den eenzegen Auswee aus senger Verzweiwelung:

„Oder wéi heiansdo e Buch mat engem schwätzt. Méi vun sech erzielt wéi an den Zeile steet. Dat huet mech ëmmer faszinéiert. Wéi aus deem schwaarze Gekropels ganz Welte konnten entstoen. Déi eenzeg Méiglechkeet unzegoe virum Elengsinn."

An dësem Sënn ass dem Nico Helminger säi Wierk also net nëmmen eng multipel Autopsie – vum Joe Schreiber senger Psyche, vun der Lëtzebuerger Gesellschaft an den 80er Joeren esou wéi net zulescht och vun eis selwer. Duerch den direkten an entwaffnende Stil bleift d'Buch dem Lieser nach laang am Gediechtnes, mee et ass och en Beispill fir Sënn, Zweck an Wierkung vun der Literatur an esou kann ee mat dëser wonnerbarer Beschreiwung vun der Kraaft vum geschriwwene Wuert ofschléissen:

„awer d'Faszinatioun ass do, fir d'Wuert, fir de Saz, den Toun, de Gedanken an d'Gefill an déi kreativ Kraaft, déi dat alles verbënnt [...] Toun an Text a Vibratioun, Wierder, déi ech nei entdecken, obwuel ech se schonn dausend Mol héieren hunn, hei sinn ech dobäi, wa's erfonnt ginn, otmen am Rittmus vum Saz, spieren de Gedanken, otmen d'Musik, otmen de Sënn an och dee liichten Hauch vu Verréckttheet, komplett iwwerrascht a komplett do, an deem wéi dohigezauberte Moment vu Wëssen a Liichtegkeet."◆

1 S. 176. „An wann d'Mënschheet je en Héichpunkt hat, da sinn ech ët, den Albert vun der Post".

**„Déi wonnerbar lëtzebuerger Bléi blitt aus engem Mëchtekoup vu krétineise Finanzgeschäfter eraus!"**